ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Agrarminister weiderzeleeden.

2023 sollen d'Wäifläschen um Réck europawäit en neien Etikettage kréien. Hei sollen de Kalorienwäert an d'Zutaten fir all Wäin (deelweis iwwert e QR Code) dem Konsument zougänglech gemaach ginn.  Dat gëtt esouwuel fir d'Vinsmoselle wéi och fir privat Wënzer eng ganz grouss Aufgab, ob déi si sech laang am viraus missten astelle kënnen. Dofir hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Agrarminister.

1. Wéini ginn d'Wënzer Detailer iwwert déi nei Form vun Etikettage gewuer?
2. Sinn d'Lëtzebuerger Wënzer am Virfeld consultéiert ginn?
3. Dréit d'Lëtzebuerger Gesetz der Spezifizitéit vun der Lëtzebuerger Wäiproduktioun mat hire ville Wäinzorten, dacks a ganz klenge Volume Rechnung?
4. De geneeën Etikettage wäert de Wënzer all Joer vill Aarbecht an och vill Onkäschte maachen. Huet d'Regierung dru geduecht, hinnen heibäi ze hëllefen oder si fir deen Opwand ze entschiedegen?
5. Et ass dacks d'Zesummesetzung vun engem Wäin, dee säi Charme (a säi kommerzielle Succès) ausmécht. Ass et net géint d'gutt Geschäftspraktiken, d'Wënzer ze forcéieren, d'genee Zesummesetzung unzeginn. Oder geet et duer, eenzel Riefzorten opzezielen ouni ze soen a wéi engem Undeel si am Wäin drasinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten